PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/07/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°6214 huet de Minister geäntwert, dass d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten an och Wunngebaier vun der ëffentlecher Hand nach zu groussen Deeler mat Gasheizungen equipéiert goufen. Dem Minister fir ëffentlech Aarbechten no, wäert een ab 2023 domadder ophalen. Fakt ass deemno, dass de Staat a seng sëllege Verwaltunge selwer nach ee groussen Deel vun de Gebaier mat fossille Brennstoffer hëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gebaier sinn aktuell am Besëtz vum Staat?
   Wéi vill Gebaier ginn aktuell vum Staat oder vun ëffentlechen Etablissementer gelount?

2. Wéi vill vun de Gebaier, déi vum Staat genotzt ginn oder dem Staat gehéieren, sinn aktuell mat enger Gasheizung equipéiert?

3. Wéi vill vun de Gebaier, déi vum Staat genotzt ginn oder dem Staat gehéieren, sinn aktuell mat enger Masuttsheizung equipéiert?

4. Wéi vill vun de Gebaier, déi vum Staat genotzt ginn oder dem Staat gehéieren, hëtze schonns mat nohaltëgen Heizsystemer?

5. Wéi vill Euro goufen an de vergaangenen 3 Joer (opgelëscht pro Joer) fir Gas beim Staat ausginn? Wéi vill Kubikmeter Gas waren dëst pro Joer?

6. Wéi vill Euro goufen an de vergaangenen 3 Joer fir Masutt beim Staat ausginn? Wéi vill Liter Masutt waren dat pro Joer?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député